ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. September 2020

Betrëfft: Aktualitéitsstonn Baussepolitik

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement (Art. 87) et virgesäit, freet de parlamentaresche Grupp vun der ADR heimat eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Lëtzebuerger Baussepolitik.

Et geet dorëms, ë.a. un Hand vun de Stellungnamen vum Här Bausseminister iwwert d'Friddensofkommes tëschent Israel an de Vereenegten Arabeschen Emirater a senge nach méi rezente Kommentaren iwwert de Bundeskanzler vun der Republik Eisterräich, den Här Sebastian Kurz, am Kontext vum Feier am Migrantelager vu Moria (GR), iwwert d'Duerstellung vun de Positiounen vun der Lëtzebuerger Baussepolitik ze diskutéieren.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Chef vum
parlamentaresch Grupp ADR